LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n°3028 vum 13. Oktober 2025 vum honorabelen Députéierten Sven Clement zum Sujet "Contrats de prestation de service dans le secteur communal".

1. Wéi vill Gemenge maache fir d'Astellung vu Personal a kommunale Servicer, wéi de Maisons Relaisen oder dem Pédibus-Déngscht, reegelméisseg (op d'mannst 5 Mol am Joer) vu Kontrakter iwwer "Prestations de services" Gebrauch?

D'Fro vum honorabelen Deputéierten ass widdersprëchlech, wëll eng Persoun déi e Contrat de Prestation de Services matt der Gemeng ofschléisst, keen Aarbechtskontrakt matt der Gemeng huet an deemno net als "Personal" vun der Gemeng kann ugesi ginn.

Den Inneministère huet keng statistesch Donnéeën iwwer d'Unzuel vun de Kontrakter déi vun de Gemenge fir déi verschidde Gemengeservicer ofgeschloss ginn.

2. Wéi eng legal Obligatiounen (Aschreiwung bei der CCSS als Eenzelentrepreneur, obligatoresch Cotisatiounen, Steierakommes) huet dëse Personal-Typ ("Prestataire") an deem Kader?

Eng eenzel Persoun kann nëmmen dann e Contrat de Prestation de Services matt enger Gemeng ofschléisse wa si iwwer eng Autorisation d'Etablissement verfüügt. Déi Persoun muss op Grond vum Contrat de Prestation de Services sozial Cotisatioune bezuelen.

3. Wéi kontrolléieren d'Gemengen, ob dës "Prestatairen" den obligatoresche legalen an administrativen Ufuerderunge fir eng selbstänneg Aktivitéit am kommunale Beräich nokommen?

Wann eng Gemeng matt enger Persoun e Contrat de Prestation de Services ofschléisst ass et d'Responsabilitéit vun der betreffender Gemeng fir sech ze versécheren dass déi betraffe Persoun déi legal erfuerderlech Konditiounen erfëllt. Nëmmen an dem Fall dierf eng Gemeng matt enger Persoun esou e Kontrakt ofschléissen. Natierlech muss och déi Persoun garantéieren dass si déi gesetzlech Ufuerderunge fir esou e Kontrakt erfëllt.

4. Huet de Minister Kenntnis vu Fäll, wou d'Verwendung vu Kontrakter iwwer "Prestations de services" fir kommunal Servicer d'Qualifikatioun vu "faux indépendant" kéint erfëllen?

Nee, den Inneminister huet keng Kenntnis iwwer esou Fäll.

5. Ass de Minister der Meenung, datt de legale Kader esou ugepasst sollt ginn, datt d'Gemengen hir Personalbedürfnisser an de Betreiungsstrukturen nëmmen iwwer sozial ofgeséchert Aarbechtskontrakter kënnen ofdecken, fir de Risiko vu prekären Aarbechtsverhältnisser, wéi Null-Stonne-Kontrakter a "faux indépendance," an dësem wichtege Secteur auszeschléissen?

Den Informatiounen no, déi den Inneminister kritt am Kader vu senger Kontrollfunktioun iwwer d'Acte vun de Gemengenautoritéite gëtt praktesch d'Integralitéit vum Personal an de kommunale Betreiungsstrukturen duerch Aarbechtsverträg agestallt an ass domat sozial ofgeséchert.

Lëtzebuerg, den 10. November 2025
Den Inneminister
(s.) Léon GLODEN